

Manifest

Haut, den 10. November 2018 um 16 Auer, 100 Joer nom Enn vum Éischte Weltkrich, deen iwwer Joerzéngten d'europäesch Zivilisatioun zerstéiert huet, gedenke mir net nëmmen der Geschicht, mee huelen eis Zukunft selwer an d'Hand!

Et ass Zäit, fir d'Versprieche vun Europa ze verwierklechen a sech un d'Grënnungsiddi vum europäeschen Eenegungsprozess ze erënneren.

Mir erklären alleguer, déi sech an dësem Ablack um europäesche Kontinent befannen, zu Biergerinnen a Bierger vun der Europäescher Republik. Mir huelen eis Verantwortung fir dat universellt Ierwe vun der allgemenger Erklärung vun de Mënscherechter un a verspriechen, dës endlech op eisem Kontinent ze verwierklechen.

Mir sinn eis bewosst, datt de Räichtum vun Europa op Joerhonnerte vun der Ausbeutung vun anere Kontinenter an der Ënnerdréckung vu frieme Kulture berout. Mir deelen dofir eise Buedem mat deenen, déi mir vun do verdriwwen hunn. Europäer ass deen, deen dëst wëll sinn! D'Europäesch Republik ass den éischte Schrëtt um Wee zu enger globaler Demokratie.

D'Europa vun den Nationalstaaten ass gescheitert.
D'Iddi vum europäeschen Eenegungsprozess gouf verroden.
De Bannemaart an den Euro goufen zu enger liichte Beute vun enger neoliberalen Agenda, déi der Iddi vun der sozialer Gerechtegkeet widdersprécht.
Dofir muss d'Muecht an den europäeschen Institutiounen eruewert ginn, fir de gemeinsame Maart an déi gemeinsam Wärung an enger gemeinsamer europäescher Demokratie ze gestalten.
Well Europa heescht: Mënschen ze eenen an net d'Staaten ze integréieren.

Un d'Plaz vun der Souveränitéit vun de Staaten trëtt heimadden d'Souveränitéit vun de Biergerinnen a Bierger. Mir begréissen d'Europäesch Republik um Grondsaz vun der allgemenger politescher Gläichheet jeensäits vun Nationalitéit an Hierkonft. D'konstitutionell Dréier vun der Europäescher Republik sinn d'Stied an d'Regiounen. Den Dag ass komm, wou sech déi kulturell Diversitéit vun Europa endlech an engem rechtleche Kader vun enger politescher Eenheet entfaalt.

Den europäesche Rot ass ofgesat!
D'europäescht Parlament huet gesetzgeberesch Gewalt.
Et wielt eng europäesch Regierung, déi zum Wuel vun allen europäesche Biergerinnen a Bierger gläichermoosse verflicht ass.

Vive d'Europäesch Republik!

Ulrike Guérot, Robert Menassen a vill Biergerinnen a Bierger

Mat der Ënnerstëtzung vum Milo Rau

THE EUROPEAN BALCONY PROJECT